N°677
Entrée le 03.06.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 677 vum 30. Abrëll 2024 vum honorabelen Deputéierten Här Sven Clement.**

*1. Säit wéini ass kee medezinesche Cannabis méi accessibel? Sinn all d'Bléienaarte betraff? Wéi steet et ëm de Stock vu Cannabisueleg?*

De follgenden Tableau gëtt Opschloss iwwert déi aktuell Stock'en:

| Cannabis-Produkt | Stock (Stand: 14.05.2024) | Rupture de livraison |
|---|---|---|
| THC18%-Bléien | 19,5 kg | Vum 22.04. bis 10.05.2024 |
| THC9%/CBD9%-Bléien | 7,5 kg | Vu Mëtt Januar bis 14.05.2024 |
| CBD16%-Bléien | 35,3 kg | Net betraff |
| THC25mg/ml-Ueleg | 47 Flacons | Net betraff |
| THC10/CBD10mg/ml-Ueleg | 349 Flacons | Net betraff |
| THC5/CBD25mg/ml-Ueleg | 459 Flacons | Net betraff |

Vermierk: Dës Quantitéite beinhalten **NET** wat an den interne Stocke vun de Spidolsapdikten nach läit.

*2. Fir wéini ass eng nächst Liwwerung virgesinn? Wéi vill kg Bléien a wéi vill Ueleg soll hei geliwwert ginn?*

Déi nächst Liwwerung vun THC18%-Bléie vun 90 kg ass fir d'Woch vum 27. Mee 2024 virgesinn. Déi nächst Liwwerung vum Cannabis-Ueleg ass fir Ufank Juni 2024 virgesinn. Dorënner sinn:

- 200 Fläschen THC25mg/ml-Ueleg
- 750 Fläschen THC10/CBD10mg/ml-Ueleg
- 550 Fläschen THC5/CBD25mg/ml-Ueleg

*3. Firwat koum et op een neits zu dëser Rupture de stock?*

D'Ursaache vun deenen ënnert 1. genannte Rupturen, ware Produktiounsengpäss op Säite vum Fournisseur.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*4. An der Vergaangenheet koum et ëmmer erëm zu Enkpäss beim medezinesche Cannabis. Wat wäert déi nei Ministesch maachen, fir datt esou Enkpäss net méi virkommen?*

Enn des Joers leeft de Kontrakt mam aktuelle Fournisseur aus. Déi néideg Upassunge wäerten dann an deem Kader gemaach ginn.

Lëtzebuerg, den 3. Juni 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez